

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Tourismusminister weiderzeleeden.

Verschidden EU-Memberstaaten hu wéinst dem Krich an der Ukrain eng Visa-Blockad fir russesch Touristen an d'Spill bruecht. Estland, Lettland, Finnland an déi Tschechesch Republik hunn hir Areesebestëmmunge fir russesch Touriste verschäerft an zum Deel begrenzt Visasperren agefouert oder ugekënnegt.

Elo schonns ass et fir russesch Staatsbierger méi schwéier, an d'EU anzereesen, well de Fluchverkéier tëscht der EU an der Russescher Federatioun agestellt ass. Op engem informellen Treffte vun den EU-Bausseministeren, sou heescht et, soll nach am August iwwee weider Moosnamen diskutéiert ginn, wéi beispillsweis, datt russesch Touriste bei hirer Arees eng Erklärung ënnerschreiwe mussen, an där si de russeschen Ugrëffskrich an der Ukrain verurteelen.

Aner Stëmme fuerderen eng Tax fir russesch Touristen, déi nom Krich fir den Nees-Opbau vun der Ukrain genotzt soll ginn. Den ukrainesche President ënnerstëtzt d'Fuerderung no enger Visa-Ophiewung fir russesch Touristen.


An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Wéi positionéiert sech déi Lëtzebuenger Regierung zu Fuerderungen, russeschen Touriste keng Visa méi auszustellen, bzw. hir Arees an d'EU vun diverse Konditiounen ofhängeg ze maachen?

- 2) Kann den Här Minister preziséieren, ob déi Lëtzebuenger Regierung vun ukraineschen Organisatioune bzw. ukraineschen Autoritéite gebiede gouf, sech fir esou Mosnamen op europäeschem Niveau anzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding,  
Deputéierten

A handwritten signature in blue ink, consisting of several loops and a long horizontal stroke extending to the right.